**Informatioun un d’Patiente vum CHdN**

**Wéinst der aktueller Situatioun op der Reanimatioun : Annulatioun/Report vun allen net urgenten Operatiounen**

D’Zuel vun de Covid-Patienten huet an de leschten Deeg am CHdN zougeholl. Aktuell ginn am ganze 65 Patienten, dovun 12 op der Rea,  an der Klinik behandelt. Domadder ass de CHdN un de Limitte vun der Auslaaschtung ukomm. Fir di aktuell immens belaascht Ekippen déi kierperlech a psychesch un hir Grenze kommen ze ënnerstëtzen, weiderhin genuch Better ze garantéieren an d’Prise en Charge vun allen Urgence kënnen ze assuréieren, huet d’Direktioun vum CHdN um 8. Dezember d’Fermeture vun enger Partie OP-Säll zu Ettelbréck a an eng komplett Fermeture zu Wolz decidéiert. All net urgent an déprogrammabel Operatioun gëtt deemno ofgesot. D’Prise en Charge vun urgenten Agrëffer (ënnert anerem och bei Kriibspatiente) si weiderhin garantéiert. Di betraffe Patienten gi vun eiser Gestion des Lits per Telefon kontaktéiert a si gebieden op den Appell vun eiser Ekipp ze waarden. Mir bieden em Versteesdemech.